Zwou Woche laang ass Relais den Thema „Fairtrade-Fairen Handel“ an der Maison ganz grouss geschriwwe ginn. D'Equipe huet all d'Klassen, d'Kanner an d'Léierpersonal op e Mueresiessen an d'Maison Relais invitéiert. D'Kanner kruten e wéineg erklärt wat Fairtrade heescht, kruten och e puer Froe gestallt, bis dann duerno de Bauch konnt mat Schmierer, Croissanten a Müsli gefëllt ginn. Am Virfeld sinn Experte vun der Fairtrade Organisatioun bei eis an d'Maison Relais komm, déi de Kanner d'Thema a spillerescher Aart a Weis a Form vu Statioune méi no bruecht hunn.

D'Elteren haten een Informatiounsdësch virun de Grupperaim stoen, wou och verschidden lesswuere presentéiert gi sinn. Dëst war eng flott Méiglechkeet mat

den Elteren an d'Gespréich ze kommen a verschidde Froen opzegräifen.



## Pizza-Iessen mam Cycle 4.2

Eist traditionellt Pizza-Iessen fir de Cycle 4.2. huet dëst Joer zu Réimech beim Renato stattfonnt, mat uschlëssender Aktivitéit op der Skater-Pist.

Mir wënschen dem Ben, Bilal, Chloé, Klara, Illias, Noah a Withney eng flott Zäit an eng schéi Rentrée am Lycée.





## Aktivitéite op der Klaus









# Staudenbeeter

Gemeinsam mat der biologescher Statioun vum Syndikat SIAS huet eise Service Technique op diverse Plaze Staudenbeeter ugeluecht.





## Bon appétit!

D'Ëmweltkommissioun vun eiser Gemeng huet zesumme mam Service technique Hochbeeter an der Gemeng opgeriicht. D'Leit aus der Gemeng kënnen sech gäre mat deene frësche Kraider bedéngen.

Een Hochbeet ass zu Réid an der Rue Principale vis-à-vis vun der Spillplaz an dat anert zu Waldbriedemes an der Rue de l'Ecole beim Centre Culturel.







## Workshop Insektennisthilfe

Für viele Insektenarten ist es inzwischen zu einer Herausforderung geworden, geeignete Nistplätze zu finden. Das Verschwinden von natürlichen Bruthabitaten, etwa in alten Obstbäumen, im Totholz, in Lehmhängen oder in Steinspalten trägt zum Rückgang vieler Insektenpopulationen bei. Besonders besorgniserregend ist dies im Hinblick auf viele Wildbestäuber. Ihre Bestäubungstätigkeit ist nämlich eine bedeutende Ökosystemleistung, von der auch der Mensch profitiert. Als wertvolle Unterstützung beim Erhalt unzähliger Tier- und Pflanzenarten trägt die Bestäubung zum natürlichen Gleichgewicht des gesamten Ökosystems bei. Über das Aufstellen eines Insektenhotels im heimischen Garten freuen sich daher viele nützliche Insektenarten, die auf einen geeigneten Lebensraum und ausreichend Nistmöglichkeiten angewiesen sind.



Seit einiger Zeit werden die sogenannten Insektenhotels in den heimischen Gärten immer populärer. Doch was genau ist ein Insektenhotel? Es handelt sich hierbei um eine künstlich geschaffene Nisthilfe für viele tierische Lebewesen. Mit der zunehmenden Urbanisierung unserer Landschaft bietet das Insektenhotel eine willkommene Alternative zu den immer seltener werdenden natürlichen Brutstätten vieler Arten.

Aus diesem Grund hat die Gemeinde Waldbredimus 3 Insektennisthilfen in den Dörfern aufgestellt. Um diese Nisthilfen fachgerecht zu befüllen, hat die Biologische Station SIAS zusammen mit der Umweltkommission der Gemeinde Waldbredimus am 21. Mai einen Workshop für die Einwohner der Gemeinde Waldbredimus organisiert. Im Rahmen dieses Workshops wurden die Baustoffe für die Niströhren und die verschiedenen Bewohner einer Insektennisthilfe vorgestellt. Anschließend wurde das Insektenhotel zusammen befüllt.

Zu den Hotelgästen einer Nisthilfe zählen typische Hohlraumbesiedler wie verschiedene solitäre Wildbienenarten (z.B. Maskenbiene, Mauerbiene und Scherenbiene), Grabwespen oder Lehmwespen. Fürchten müssen Sie sich von diesen Hautflüglern nicht: die meisten von ihnen sind absolut harmlos. Wildbienen bilden im Gegensatz zu Honigbienen keinen Staat, sondern führen eine solitäre Lebensweise. In jedem der als Brutkammern fungierenden Hohlräumen befindet sich demnach nur ein Weibchen, welches die Brut ohne Mithilfe von Artgenossen versorgt. Die Eier werden in der Nisthilfe abgelegt und die notwendigen Nahrungsreserven angesammelt, um die schlüpfende Larve reichlich mit Nektar oder Insekten zu versorgen. Abschließend wird die Brutröhre mit Lehm oder Harz verschlossen.



Wenn auch Sie eine Insektennisthilfe für Ihren Garten bauen wollen, dann finden Sie unter <https://www.sias.lu/de/naturschutz/station-biologique/mein-beitrag-fur-eine-vielfaltige-umwelt/insektennisthilfen> viele nützliche Informationen zu den verschiedenen Baumaterialien und Dingen, die es beim Bau zu beachten gibt. Die Biologische Station SIAS berät Sie gerne zu Fragen rund um die Bestäuber und den Bau von Insektennisthilfen!

Marc Thiel  
Tel: 34 94 10 26  
m.thiel@sias.lu



## Aire de jeux Waldbredimus

D'Jugend- a Sportskommissioun huet Modifikatiounen op der Spillplaz an der Cité „Hannert Lautesch“ zu Waldbriedemes initiéiert. Als éischt gouf eng nei Sandkëscht gebaut.





## Réunion d'information Séchere Schoulwee

Den 11. Mee 2022 huet d'Verkéiserskommissioun zesumme mam Bureau d'Etudes Schroeder & Ass. op eng Informatiounsreunioun zum Thema Séchere Schoulwee invitéiert.

Mat dobäi wore Vertrieder vum Léierpersonal, vun der Schoulkommissioun, vum Service Technique a vum Schäfferot.





## Generalversammlung vun der Amicale Pompjeeë Gemeng Waldbriedemes



D'Amicale Pompjeeë Gemeng Waldbriedemes huet hir Generalversammlung iwver d'Joer 2021 samschdes den 9. Abrëll 2022 am Veräinsbau „Jos Rennel“ ofgehal.

De President Jos Muller konnt bei der Eröffnung vun der Versammlung nieft de Memberinnen a Memberen och di Häre Schäffen Jean-Claude Ruppert a Martin Bohler souwéi och verschidde Leit aus dem Gemengerot begréissen. Den Här Buergermeeschter Thomas Wolter hat sech krankheetshalber missten entschëllegen. Och de Mike Molling an de Alex Flammant vum Gemengerot haten sech fir dës Versammlung entschëllegt.

No enger Gedenkminutt fir déi verstuerwe Memberen ass de President an engem kuerze Réckbléck iwver d'Joer 2021 agaang.

Weider huet hien ervirgestrach, dass wéinst der Pandemie déi üblech Manifestatiounen net konnte stattfannen, ausser d'Take-away-Fest sonndes de 27. Juni 2021 aplaz vum normale Grillfest. De Gemengeverantwortlechen gouf Merci gesot fir d'Ënnerstëtzen an d'Engagement vis-à-vis vun der Amicale während dem vergaangene Joer a speziell fir dee pandemiebedéngten extraë Subsid.

Den Tätigkeetsbericht, virgedro vum Sekretär Philippe Rennel, war och vill méi kuerz an huet sech op 12 Aktivitéite begrenzt.

De Keessier Luc Cordewener konnt och nëmmen e kuerze Bericht virdroën an d'Keesserevisoren hunn der Versammlung d'Entlaaschtung virgeschlo.

Um Programm fir d'Joer 2022 konnt d'Buergbrenne scho stattfannen, d'Grillfest de 25. a 26. Juni, d'Bedelegung un allen übleche Manifestatiounen an der Gemeng, och weiderhinn eng enk Zesummenaarbecht mat dem CGDIS an der Amicale vum „Centre incendie Secours“ CIS.

Am Numm vun der Gemeng Waldbriedemes huet de Schäfte J-CI Ruppert. a senger Usprooch Merci gesot fir déi gutt Féierung vun der Amicale, alle Membere Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht vis-à-vis vun der Gemeng an den Aktiven am CGDIS Merci fir di geleschten Aarbecht am Déngscht vun de Matmënschen. Och huet hie weiderhinn d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.

Mam Schlusswuert vum President an engem grouse Merci u jidferen gouf d'Versammlung opgehuewen an op den Apéritif mat dono engem Imbiss invitéiert.

De Virstand setzt sech zesummen aus: Jos Muller (President), Thomas Wolter (Vizepräsident), Philippe Rennel (Sekretär), Luc Cordewener (Keessier), Laurent Muller (Jugendverrieder), Yann Mombach a Pol Pishvaie (Bäisetzender).





## Generalversammlung vum Cercle Culturel et d'Initiative de la Commune de Waldbredimus, de 7. Mee 2022

De Cercle Culturel et d'Initiative de la Commune de Waldbredimus huet samschdes, de 07. Mee 2022, seng Generalversammlung am Musekssall (al Schoul) zu Waldbriedemes ofgehalen.

D'Begréissung ass duerch de President Christian GREISCH gemaach ginn. No deene verschiddene Berichter vum Sekretär a vum Keessier, déi all gutt geheescht goufen, gouf de weidere Programm fir 2022 an 2023 virgestallt. No der laanger Corona-Paus si mir rëm all zouversichtlech a motivéiert fir weider ze schaffen. Mir freeën eis op eise Programm.

De Ralph KILBURG huet dem President an den Deeg virun der Generalversammlung seng Demissioun aus dem Comité ginn. Hie wëll dem Veräin awer nach als Member trei bleiwen. De President, Christian GREISCH, huet him villmools Merci gesot fir seng wäertvoll Aarbecht an deene leschte Joren. Nei Kandidature fir an de Comité goufen et keng an déi Leit déi aus-triedend ware sinn all erëmgewielt gi, sou dass eise Comité, Stand 07. Mee, aus 9 Leit bestanen huet.

Éiert de President d'Schlusswuert geschwat huet, huet de Buergermeeschter, Thomas WOLTER, dem Veräin Merci gesot fir déi wäertvoll Aarbecht déi de Cercle Culturel et d'Initiative scho säit 46 Joer an der Gemeng mécht. De Buergermeeschter huet eisem Veräin nach

eemol Merci gesot fir de generéisen Don dee mir fir Hrusky, wou e Jumelage mat eiser Gemeng besteet, gemaach hunn. Donieft ass de Buergermeeschter och nach op d'Fusioun mat der Gemeng Bous agaangen an huet verséichert, dass och no dëser Fusioun d'Veräins-liewe wäert normal weidergoen.

Zum Ofschloss ass et nach e gudde Maufel z'iesse ginn.





## Generalversammlung vun der Trëntenger Musek

E Samschden, den 21. Mee 2022 huet d' Trëntenger Musek hir uerdentlech Generalversammlung am Centre Culturel Jos Rennel zu Waldbriedemes ofgehalen.

De President Jean Thurmes huet a senger Usprooch d' Musikanten, d' Comitésmembren, d' Marscheuren an d' Invitéeën begréisst an hinne Merci gesot. E grouse Merci fir déi finanziell a moralesch Ënnerstëtzung adresséiert hien un d' Gemengevertrieder vun de Gemenge Bous a Waldbriedemes.

Un d' Musikanten huet hien rappeléiert, dat jidder eenzelnen wichteg ass an dass jidderee gebraucht gëtt.

No enger Gedenkminutt u verstuerwe Membere während dem leschte Joer, huet de Sekretär Marc Schumacher den Aktivitéitsbericht vun der Trëntenger Musek vum Joer 2021 virgedroen.

De Jean Thurmes huet uschlëssend den Aktivitéitsbericht vun den Trëntenger Kiischentrëppler virgedroen. 3 engagéiert Marscheuren goufen fir hir vill Kilometer déi sie getrëppelt sinn geéiert.

De Keessjee f.f. Marc Schumacher huet de Bericht vun de Recetten an Dépensen ausféierlech virgedroen.

Am Numm vun de Keesserevisoren, huet den Armand Becker dem Marc villmools Merci gesot fir déi gutt Aarbecht déi hien mécht, an huet d' Generalversammlung gebieden dem Keessier an dem Comité d' Décharge ze ginn.

D' Lisa Jacoby an den Armand Becker sinn als Keesserevisoren vun der Generalversammlung ugeholl ginn.

Nodeems sämtlech Rapporten vun der Generalversammlung eestëmmeg ugeholl goufen,

stoung d' Neiwiel vun engem Deel vum Comité op der Dagesuerdnung. D' Lynn Ruppert an d' Deike Wolter waren austriedend an nees nei wielbar. D' Deike hat seng Kandidatur fir an de Comité nees gestallt. D' Lynn Ruppert huet seng Kandidatur net méi gestallt.

Deemno setzt sech de Comité fir d' Joer 2022 folgendermoossen zesummen:

- President : Jean Thurmes
- Vize-Presidentin : Lucie Raach
- Sekretär : Marc Schumacher
- Keessjer : Deike Wolter
- Membren : Mariette Hemmen, Jessica Lauer, Sarah Kutten, Olivier Thorn, Philippe Aspden

Dono gouf de Programm fir d' Joer 2022 vum Sekretär Marc Schumacher virgestallt. Déi grouss Manifestatiounen fir d' Joer 2022 sinn: den 3. Juli déi 75. Editioun vum Kiischtefest zu Trënteng, den 11. Dezember Chrëschtconcert an nach weider vill Manifestatiounen.

Beim Punkt vun der fräier Aussprooch huet de President d' Wuert viru ginn un de Gemengevertrieder vun der Gemeng Waldbriedemes.

Den Jean-Claude Ruppert, Schäfte vun der Gemeng Waldbriedemes, seet der Musek ganz häerzlech ee grouse Merci fir hiren enormen Asaz. Ausserdem ee grouse Merci, dass si als Gemeng, während deem ganze Joer, ëmmer an och mol spontan op d' Musek kënnen zrëckgräifen.

Duerno huet de President nach eng Kéier e grouse Merci gesot an huet d' Versammlung opgehewe, fir ee Patt an ee klengen Maufel ze invitéieren.







## Generalversammlung vun de Senioren aus dem Kiischtendall

D'Generalversammlung fir d'Joer 2022 ass dënschdes, den 31. Mee um 10.15 Auer am Veräinsbau Jos Rennel zu Waldbriedemes ofgehal ginn.

Et war eng gutt besichte Versammlung, d'Presidentin Astrid Federspiel konnt vill aktiv Membere begrüessen, ënner hinnen de Buergermeeschter Thomas Wolter, an de Conseiller Jos. Muller. Bedingt duerch den Datum an d'Auerzäit hu sech de Schäffen Jean-Claude Ruppert an d'Conseillere Louis Oberhag, Alex Flammant, Gaston Knepper, Mike Molling, Philippe Rennel entschëllege gelooss.

De Sekretär Martin Bohler huet en Iwwerbléck vun den Aktivitéiten 2021/22 gemaach.

De Veräin huet 84 Membere, dovun 33 aktiv Membere déi regelméisseg un den Aktivitéiten vum Veräin deelhuele. De Komitee huet sech a 5 Sëtze getraff.

Duerch d'Corona-Pandemie waren am Joer 2021 eng Rei "Porte Ouverten" ausgefall.

De 27. September 2021 huet de Komitee decidéiert fir mat de monatlechen "Porte Ouverten" ze starten.

Bedingt duerch den Ausfall vun der Mammen- a Pappendagsfeier an der Chrëschtfeier 2020 huet de Veräin dës Éierungen 2021 bei der Chrëschtfeier de 16. Dezember 2021 am Restaurant "Delicious" zu Éiter nogeholl. All Member huet e Ritzenhof-Glas als Cadeau kritt.

Och eis Jubilare déi 2021 an 2022 hire 75. Gebuertsdag gefeiert hunn sinn do geéiert ginn. Dat waren de Gast Krecké, de Philip Aspden an de Jean Thurmes.

De Keesebericht vum Astrid Federspiel bestëtt eng gesond Finanzsituatioun vum Veräin an am Numm vun de Keeserevisoren huet de Georges Birkel eng ausgezeechent Keeseféierung bestëtt, an d'Entlaaschtung vun der Generalversammlung gefrot.

D'Keeserevisore Georges Birkel a Jacqueline Gengler si fir déi nächst Period bestëtt ginn.

Austriedend am Komitee war d'Suzette Moes -Thein déi vun der Generalversammlung fir e weidert Mandat bestëtt ginn ass.

Op Proposition vum Komitee bleift de Beitrag fir d'Memberskaarten onverännert bei minimum 10 Euro fir d'Joer 2022.

De Buergermeeschter Thomas Wolter huet am Numm vun der Gemeng Merci gesot fir d'Aarbecht, déi de Veräin am Laf vum Joer geleescht huet, a besonnesch déi regelméisseg Aktivitéiten ervirgetrach, an och weiderhin déi voll Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.







## Generalversammlung vum DT Éiter-Waldbriedemes

Freides, de 17. Juni huet den Dëschtennis Éiter-Waldbriedemes an der Buvette vum Spillsall zu Contern seng Generalversammlung ofgehalen. D'Gemengevertrieder Thomas Wolter a Jean-Claude Ruppert vu Waldbriedemes an Tom Jungblut a Jean-Pierre Di Genova vu Contern waren derbäi wéi de President Marco Schmit e Réckbléck op déi bis dato erfollegräichst Saison vum Fusionsveräin gemaach huet. Héichpunkt war natierlech déi super Leeschtung vun der éischter Ekipp, mat enger exzellenter 3. Plaz an der Audi League, mat de Spiller Evgheni Dadechin, Mickäel Fernand, Thibaut Besozzi, Tom Collé an Dan Wintersdorff.



Déi 2. Ekipp ass an d'Nationale 3 gestigen, déi 4. Ekipp huet et bis an déi 1. Divisioun gepackt (wou och schon déi 3. Ekipp spilt), an déi 5. Ekipp ass an déi 2. Divisioun geklomm. Domat spillen eis Ekippen an der Saison 2022-2023 sou héich wéi ni virdrun.

Op individuellem Plang ass den Evgheni Dadechin sensationell Vize-Landesmeeschter ginn, hannert dem Profi-Spiller Eric Glod.

Finanziell steet de Veräin gutt do, net zulescht duerch déi generéis Ënnerstëtzung vun den zwou Gemengen. Fir déi nächst Saison stinn di gewinnte Manifestatioune wéi Kéisowend a Syrdall-Cup erëm um Programm.

Um Enn vun der Versammlung ass de Spiller Pit Lauer geéiert ginn. No iwwer 40 Joer am Comité, als Sekretär vum DT Waldbriedemes an duerno vum DT Eiter-Waldbriedemes, huet hien elo seng Plaz opginn. All seng Kollegen aus dem Veräin hunn him Merci gesot fir seng virbildlech Aarbecht am Comité a fir säin onermiddlechen Asaz fir all Spiller, an hunn him e flotte Kaddo iwwerreicht.

De Comité vum DT Eiter-Waldbriedemes :

- Marco Schmit - President
- Christian Oms - Sekretär
- Gilbert Godart - Sekretär
- Patrick Reuter - Keessier
- Thierry Oms - Jugendwart
- Jeannot Doerfel , Frédéric Juste , Jeff Moes , Mara Oms , Michel Nittler , Xavier Schmit - Memberen



# Ouschterrallye Frëndeskrees Kamerun







## Elterevereenegung organiséiert Ouschtereërsich

Dëst Joer konnt endlech erëm déi traditionell Ouschtereërsich stattfannen, déi d'Elterevereenegung fir d'Kanner aus de Cyclen 1 an 2 organiséiert huet.

Nodeems d'Kanner u verschiddenen Ateliere wéi Sackhüpfen, Seelzéien, Intefëschchen an nach vill weideren Aktivitéiten konnten deelhuefen, hu si sech ronderëm d'Klaus op d'Sich no Eeër gemaach, déi den Ouschterhues do fir si verstoppt hat.

Ushléissend hunn d'Kanner an hier Elteren eppes Guddes ze drénke kritt an all Kand konnt eng Tut mat Eeër a Genaschels mat heem huelen.





## CGDIS – Centre d'Incendie et de Secours CIS Moutfort Feierliche Inbetriebnahme des CARPORT

Für den nationalen Rettungsdienst CGDIS hat die Gemeinde Contern einen Unterstand (System Carport) mit den Abmessungen 12m x 8m inklusive Außenanlagen eingerichtet.

Container, die im Einsatzfall benötigt werden, können jetzt witterungsgeschützt untergestellt werden.

Das Einsatzzentrum Moutfort ist auch für die Gemeinde Waldbredimus zuständig, aus der zehn freiwillige aktive Feuerwehrleute kommen.

Die feierliche Eröffnung mit Ansprachen von Bürgermeisterin Marion Zovilé und Corpschef Bram Krieps fand am 22. April 2022 statt.







## Frëndeskrees Kamerun asbl

Bei Geleeënheet vun eiser Generalversammlung den 1.4.2022 konnte mir mat Freed matdeelen, datt de „Ministère de la Coopération“ en neien „accord cadre“ ënnerschriwwen huet an domat de Projet „Centre d'Accueil de l'Espoir“ zu Yaoundé 2022-2026 finanziell matdréit.

Dat bedeit fir äis en Eegekapital opzebréngen vu järelech 36.000-40.000.-€ fir Kanner am Centre mat Nahrung, Kleedung, Ausbildung, .... ze ënnerstëtzen, grad esou wéi deFonctionnement vum Centre ze assuréieren, an dozou gehéieren och d' Salairen vum Betreuungspersonal an d' Schoulkäschten.

Duerch verschidden Aktivitéiten an eiser Gemeng an ausserhalb ass et méiglech en Deel vun deem Geld zesummen ze erschaffen.

Am Abrëll 2022 waren dat bis elo den traditionelle Kéisowend, an en Ouschterhueserallye iwwert den Daller Trëppeltour mat Spiller, Quiz an Iwwerraschungen an jiddwer Huesegrupp war Gewënner vum Rallye. Déi dräi Haaptgewënner vum Quiz goufe mat engem extra Präis ausgezeechent.

Den 10.Juni hu mir selwer gekachten Chili con carne ugebueden, deen äis vun engem Jugendlechen bestätegt gouf, als beschte Chili vun der Welt! Den Erléis vun all eisen Aktivitéite geet integral an de Projet, an dës Aktivitéite wëlle mir als Equipe och erëm d' nächst Joer an eiser Gemeng plangen an duerchféieren.

Deemnächst ass och erëm e Kürbisevent virgesinn, den 8.10. an dat zu Senneng-Nidderaanwen virun der Kierch. Duerno kënn eis traditionell Trauliichtfeier, dës Kéier zu Ruedt-Syr bei der aler Kierch, eng Feier fir di ganz Famill, mat Aushielegen an Dekoréieren vun enger Rommel, Gesiichtsmolen, Trauliichtëmzug mat Liichter. Iessen an Drénken an der aler Kierch zu Ruedt/Syr däerf natierlech net feelen,. Kommt bis laanscht, et ass derwäert!

**MERCI Iech, déi dir äis trei bleift an eis Projeten ënnerstëtzt.**

**De Komitee:** Léon Kraus, Marie-Paule Arendt-Brosius, André Ludovicy, Raymond Brosius, Camille Schneider, Annette Scholer a Sara Sommer.

**Frëndeskrees Kamerun: CCPLU 92 1111 2995 2788 0000**

[www.frëndeskreeskamerun.lu](http://www.frëndeskreeskamerun.lu)



## 1. Mee Feieren

### Cercle culturel et d'initiative



### Trëntenger Musek





# Fête avec le personnel de l'Administration communale





## Queesch duerch de Gaart Galaconcert vun der Trëntenger Musek

No zwee Joer Paus hat d'Trëntenger Musek déi grouss Freed op hire Galaconcert sonndes, de 15. Mee op Waldbriedemes an de Centre Culturel Jos Rennel ze invitéieren. Dëst Joer stoung de Concert ënnert dem Motto "Queesch duerch de Gaart".

Ënnert der Leedung vum Dirigent Jérôme Theis wossten d'Musikanten d' Publikum ze begeeschteren. Et stoungen Stécker wéi The Legend of Zelda, A man's destiny, The Adventures of Tintin an nach vill aner flott Stécker um Programm. Duerch de Programm huet d'Judith Risch gefeuert.

Am Kader vun dësem Concert kruten och eng Rei Musikante vun de Verrieder vun de Gemenge Bous a Waldbriedemes eng Medail iwverrecht.

Kilburg Nik	Insigne fir 5 Joer
Kutten Joé	Insigne fir 5 Joer
Menger Jouko	Médaille de mérite en argent fir 20 Joer
Schumacher Marc	Médaille de mérite en argent fir 20 Joer
Schumacher Martine	Médaille de mérite en argent fir 20 Joer
Theis Jérôme	Médaille de mérite en argent fir 20 Joer
Thorn Christian	Médaille de mérite en bronze fir 10 Joer
Thorn Olivier	Médaille de mérite en bronze fir 10 Joer
Wolter Deike	Médaille de mérite en argent fir 20 Joer

Donieft krute verschidde Musikanten och nach ee Croix de mérite fir besonnesch Leeschtungen iwverrecht:

Schumacher Marc	Croix de mérite en argent
Menger Jouko	Croix de mérite en argent
Kremer Gilles	Croix de mérite en vermeil
Raach Lucie	Croix de mérite en vermeil

D'Trëntenger Musek seet all den Donateuren, déi ee Stéck gesponsert hunn, ee grouse Merci.









# Fête des voisins



Hanner Lautesch, Waldbredimus



Rue Kiem, Waldbredimus





Rue Principale, Waldbredimus



Rue des Vignes, Trintange



## Fête avec les membres des commissions communales






### Freundeskreis Kamerun kocht Chili con carne



### Inauguration Maison Relais Bous



### Exposition Pierre Werner à l'Ambassade Tchèque





## Open Air Prouf vun der Trëntenger Musek



## Grillfest de 25. a 26. Juni 2022 bei der Amicale Pompjeeë Gemeng Waldbriedemes

No zwee Joer Paus konnte mir dëst Joer erëm wéi gewinnt eist traditionellt Grillfest am Haff nieft dem Veräinsbau bei herrlechem Wieder ofhalen. Samschdes géint 18:00 gong et lass, alles stoung prett an direkt konnten di éischt Gäscht beschtens mat leckerem Gegrills servéiert ginn.

Sonndes géint 11:00 gong et da weider mam Grillfest. E bësse Reen téschender huet d'Leit awer net ofgehal e puer gemittlech Stonnen am Zelt bei eis ze verbréngen. Um Menü stoung nieft dem Gegrills eng gutt Paschtéit als Hauptmenü oder Mielkniddele mat verschiddeenen Zoossen.

Fir e bësse Attraktioun hunn déi Spiller mam Päerd samschdes an och sonndes gesuert wou allkéiers e

schéinen Hauptgewënn mat véier Trouschtpräisser ze gewanne ware wann d'Päerd säi Koup an dat richtegt Feld fale gelooss huet.

Eis kleng Gäscht konnten sech och erëm, wéi an de vergangene Joren, am Sprangschlass austoben.

Och fir den Dessert war iwwe déi zwéin Deeg beschtens gesuert mat, op der Plaz gebakenen, Eisekuche mat oder onni Äerdbier a Schlagsan oder mat Schockela gefällt.

Un deene ville Leit déi drop gehal hunn während deenen zwee Deeg mat ze feiere konnt ee gesinn, dass dat dësjäregt Grillfest méi wéi e Supererfolleg war.











# LE CHANGEMENT CLIMATIQUE


AU LUXEMBOURG



## TEMPÉRATURES MOYENNES DE L'AIR:

Une nette hausse!

(Données de Meteolux)



## QUELLE HAUSSE FUTURE?

Entre +1,1°C et +3,7°C jusqu'à la fin du XXI siècle.

Modèles de projection climatique (LIST)



Forte hausse des...

... jours de chaleur ( $\geq 30^\circ\text{C}$ )

... jours de chaleur extrême ( $\geq 35^\circ\text{C}$ )

## PRÉCIPITATIONS



Moyenne annuelle = constante, mais:

- une plus grande variabilité

↗ pluie en hiver

↘ pluie en été



- plus d'événements torrentiels



## SOL RECOUVERT DE NEIGE:

1961 - 1990 : 41 jours

1991 - 2020 : 25 jours

(Moyennes - Meteolux)



- 16 JOURS




## ET LA HAUSSE DU NIVEAU DE LA MER?

Pas une menace directe pour le Luxembourg...

Mais indirectement:

Migrations climatiques massives?



## PLUS DE PÉRIODES SÈCHES



↗ Besoins en eau pour l'agriculture

↗ Risque d'incendies de forêt



Mise en danger des habitats humides



↗ Energie pour le refroidissement



## PLUS DE PHÉNOMÈNES MÉTÉOROLOGIQUES EXTRÊMES

Risque accru d'inondation



Dégâts matériels




DÉCALAGE DES PÉRIODES DE VÉGÉTATION CHEZ LES PLANTES



MODIFICATION DES CYCLES BIOLOGIQUES CHEZ LES ANIMAUX

= Perturbation des interactions entre espèces animales et végétales



Répartition des espèces altérée



↗ Espèces invasives



Apparition de nouveaux pathogènes



## PERTURBATIONS ÉCOLOGIQUES

↗ Température des eaux

↘ Qualité chimique et biologique des cours d'eau



↘ Fertilité et stabilité physique des sols



## SERVICE “KRANK KANNER DOHEEM“

### L’OBJECTIF :

Le « Service Krank Kanner Doheem » offre une garde individuelle à domicile pour enfants malades.

Ceci permet aux parents de poursuivre leur activité professionnelle et aux enfants de se rétablir dans les meilleures conditions et dans leur milieu familial.

Les demandes de familles monoparentales sont considérées en priorité.

### LES TARIFS :

Le revenu imposable du ménage sera pris comme base de calcul pour la participation aux frais de garde.

Pour les familles monoparentales le certificat de composition de ménage, établi par la commune est indispensable.

Les frais de parking et de trajet sont à charge des parents: ½ heure de déplacement pour la ville de Luxembourg. 1 heure de déplacement pour toutes les autres communes du Grand-Duché.

### LES GARDES :

Les gardes ont lieu entre 7:00 et 19:00 heures. La durée d’une garde ne peut pas dépasser 9 heures de suite.

Une visite médicale est indiquée au 2ième jour de la garde. Toutes les collaboratrices du «Service Krank Kanner Doheem» ont une formation dans le domaine socio-familial et participent régulièrement aux formations internes.

### POUR TOUS RENSEIGNEMENTS SUPPLÉMENTAIRES :

( 48 07 79

Lundi - jeudi de 7:00 à 12:00 et de 14:00 à 18:00 heures.

Vendredi de 7:00 à 12:00 heures.

Répondeur de 18:00 heures jusqu’au lendemain 7:00 heures.

Le service est fermé les weekends et jours fériés. (Répondeur)

Pour faciliter l’organisation des gardes, veuillez bien remplir la fiche d’inscription que vous trouverez sur le site de Femmes en Détresse [www.fed.lu](http://www.fed.lu)



## SERVICE “KRANK KANNER DOHEEM“

### OBJEKTIVE :

Der « Service Krank Kanner » bietet eine individuelle Betreuung von kranken Kindern zu Hause an.

Diese Dienstleistung ermöglicht es den Eltern ihre berufliche Aktivität weiter zu führen, während die Kinder in ihrer gewohnten Umgebung genesen können.

Anfragen von Alleinerziehenden werden vorrangig behandelt.

### TARIFE :

Das monatliche besteuerebare Einkommen des Haushaltes gilt als Berechnungsgrundlage für die Unkostenbeteiligung der Kinderbetreuung. Beteiligung bei Einkommen,

Bei Alleinerziehenden wird ein, von der Gemeinde auszustellendes Zertifikat der Haushaltszusammensetzung benötigt.

Die Unkosten für Parking und Fahrzeit der Betreuerin werden zusätzlich in Rechnung gestellt mit:

½ Stunde Fahrtkosten für die Stadt Luxemburg.

1 Stunde Fahrtkosten für alle anderen Gemeinden des Großherzogtums.

### BETREUUNGEN:

Die Betreuungen finden zwischen 7:00 und 19:00 Uhr statt. Die Betreuungszeit pro Tag darf 9 Stunden nicht überschreiten.

Ab dem zweiten Betreuungstag ist ein

ärztliches Attest erforderlich.

Alle Mitarbeiterinnen vom „Service Krank Kanner Doheem“ haben eine Ausbildung im sozio-familiären Bereich und nehmen regelmäßig an internen Weiterbildungskursen teil.

### FÜR ZUSÄTZLICHE INFORMATIONEN :

( 48 07 79

Montag bis Donnerstag von 7:00 bis 12:00 und von 14:00 bis 18:00 Uhr.

Freitag von 7:00 bis 12:00 Uhr

Anrufbeantworter von 18:00 bis 7:00

Uhr am nachfolgenden Tag.

An Wochenenden und Feiertagen ist der Dienst geschlossen. (Anrufbeantworter).

Um die Organisation der Betreuungen zu vereinfachen, füllen Sie bitte das Anmeldeformular im Voraus aus, den Sie auf der Website von Femmes en Détresse [finden www.fed.lu](http://www.fed.lu).



## An dëser Nummer

Rapports des séances du conseil communal	4 - 9
Avis   Autorisations de bâtir avril - juin 2022	10 - 11
Nationalfeierdag: Usprouch vum Buergermeeschter Thomas Wolter	12
Chariot téléscopique - Pétanque	16 - 17
Intervention CGDIS   Visite au Maacher Lycée   Besuch im Maacher Lycée   Vëlostour Trënteng	18 - 20
Maison Relais: Beweegung   Fairtrade   Pizza   Aktivitéite op der Klaus	21 - 24
Staudenbeeter   Workshop Insektennisthilfe   Aire de jeux Waldbredimu	25 - 29
Réunion d'information Séchere Schoulwee   Generalversammlung vun der Amicale Pompjeeë	30 - 31
Generalversammlung vun de Senioren aus dem Kiischtendall   Generalversammlung vum DT Éiter-Waldbriedemes	34-35
Ouschterrallye Frëndeskrees Kamerun   Eltere vereenegung organiséierf Ouschtereeërsich	36 - 37
CGDIS – Centre d'Incendie et de Secours CIS Moutfort	38
Mee Feieren   Fête avec le personnel de l'Administration communale	40 - 41
Queesch duerch de Gaart Galaconcert vun der Trëntenger Musek	42
Fête des voisins   Fête avec les membres des commissions communales	43 - 46
Frëndeskrees Kamerun Kacht Chili con carne   Inauguration Maison Relais Bous   Exposition Pierre Werner	47
Open Air Prouf vun der Trëntenger Musek   Grillfest bei der Amicale Pompjeeë	48

## Calendrier des manifestations

14.08.2022	Uergelsummer am Kiischtendall, „Lëtzeburger Komponisten“, Marc Loewen, Eglise Trintange, 20h00
03.09.2022	Uergelsummer am Kiischtendall, „Variatiounen fir véier Hänn a véier Féiss“, Paul a Charel Breisch, Eglise Trintange, 20h00
25.09.2022	Fête de la fusion, Waldbriedemes, Centre Culturel, org. Cercle Culturel et de l'initiative
08.10.2022	Journée de la commémoration
22.10.2022	Theater, Trëntenger Bühn, 20h00, Centre Culturel Waldbriedemes
29.10.2022	Theater, Trëntenger Bühn, 20h00, Centre Culturel Waldbriedemes
30.10.2022	Theater, Trëntenger Bühn, 18h00, Centre Culturel Waldbriedemes
25.11.2022	Kéisowend, 19h30, Centre Culturel Waldbriedemes, org. DT Eiter-Waldbriedemes
03.12.2022	Niklosfeier, Salle polyvalente Trënteng

## Informatiounskommissioun

Thomas Wolter (Präsident)	621 240 689	Steve Hopp	691 355 128
Georges Birkel	621 251 450	Eduard Lagemann	691 355 990
Martin Bohler	691 250 300	Alain Mreches	691 668 955
Gérard Caye	621 268 418	Pol Thiltges	621 192 861
Gilbert Godart	661 660 346	Georges Weber	621 710 438

Visitez nous / Besuchen Sie uns :



waldbredimus.lu

